PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

I-2023-O-M-7818-01

Dépôt: GOERGEN Marc

Interpellatioun iwwert Moossnahmen géint d'Logementskris

Lëtzebuerg, den 12/03/2024

3

# Motioun

**D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:**

- D'Regierung huet ugekënnegt, fir proaktiv wëlle Wunnengsprojeten opzekafen, fir esou de Stock un ëffentlechem Wunnraum signifikativ z'erhéijen;
- D'Moossnam soll de Bausektor an dëser schwiereger Phase ënnerstëtzen a gläichzäiteg dofir suergen, dass de Staat selwer méi Wunnengen a säi Besëtz kritt, fir dës kënnen zu erschwéngleche Präisser unzebidden;
- Am Budget 2024 si fir dës Moossnam déi néideg budgetär Mëttel virgesinn;
- Et muss opgepasst ginn, dass d'Steiergelder effizient genotzt ginn an Abusen an d'Iwwerpräissung duerch privat Promoteure verhënnert gëtt;

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:**

1. Beim Kaf vu Wunnprojeten duerch de Staat änlech Krittären ewéi beim Pakt Logement 2.0 ze respektéieren.

Marc Goergen